N°7743
Entrée le 27.03.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

**Äntwert vun der Madamm Gesondheetsministesch op d'parlamentaresch Fro n° 7743 vum 10. Mäerz 2023 vum honorabelen Deputéierten Här Jeff Engelen.**

*1. Wéi vill Leit krute bis elo en zweete Booster, respektiv eng véiert Covid-Impfung?*

*2. Wéi grouss ass den Interessi fir esou eng véiert Impfung bei deenen ugeschriwene Persounen?*

*3. Gëtt et scho Bestriewunge fir eng fënneft Impfung (drëtte Booster)?*

D'Gesondheetsdirektioun baséiert hir Impfrecommandatiounen op den Avis vum Conseil supérieur des maladies infectieuses (CSMI).

De CSMI huet sech den 26. September 2022 mam Thema vum Rappel mat engem Omicron-adaptéierten Vaccin beschäftegt [1]. De CSMI huet sech net fir eng systematesch Weiderimpfung vun der ganzer Bevëlkerung ausgeschwat, mee dass prioritär Leit iwwert 60 Joer an Leit mat Virerkrankungen een zweeten Rappel solle kréien. De CSMI sot och an deem Moment, dass vulnérabel Leit déi schonns een zweeten Rappel (d.h. 4. Impfung) mat engem Vaccin monovalent (d.h. ouni Omicron) kruten, sech net direkt eng weider Kéier mat engem Vaccin bivalent (d.h. Omicron-adaptéiert) missten impfe loossen.

De CSMI huet awer den 6. Mäerz 2023 säin Avis nach emol iwwerschafft, baséierend op neien Donnéeën, an recommandéiert elo dass Leit, déi eng staark Immunosuppressioun hunn an schonns 4 Injektiounen kruten, elo nach eng weider Injektioun mat engem Omicron-adaptéierten Vaccin kënne kréien [2].

Den Gesondheetsministère recommandéiert ganz staark eng 4. Impfung fir all Leit vun 60 Joer un, a fir Leit vum Alter vun 12 Joer un, déi vulnérabel sinn duerch eng Virerkrankung, eng Immunodepressioun, eng Schwangerschaft oder déi am Gesondheets- oder Fleegesecteur schaffen.

Leit ënnert 60 Joer (d.h. zwëschen 12 an 59 Joer), ouni Virerkrankung kënnen sech awer och op fräiwëlleger Basis eng 4. Kéier impfen loossen. Am Zweifelsfall soll d'Persoun sech un hiren Hausdokter wennen, deen d'Vulnérabilitéit vun der eenzelner Persoun, an de Besoin fir eng weider Impfung, individuell ka bestëmmen.

Am Tableau ass d'Situatioun vun der Unzuel un zweeten Rappelen op den 15 Mäerz 2023 opgelëscht:

(1) [1] Recommandation du CSMI concernant une 2ième dose de rappel de vaccin contre la COVID-19 (mise à jour du 26 septembre 2022). Document accessible sur sante.lu

(2) [2] Recommandation du CSMI concernant une 2ième dose de rappel de vaccin contre la COVID-19 (2ième mise à jour du 6 mars 2023). Document accessible sur sante.lu

| Alterskategorie (Joer) | Zuel vun de Leit mat engem zweeten Rappel | Vaccinatiounstaux (mat zweetem Rappel) |
|---|---|---|
| 80+ | 15’960 | 62.8% |
| 75-79 | 9’500 | 55.4% |
| 70-74 | 11’982 | 51.3% |
| 65-69 | 12’609 | 43.1% |
| 60-64 | 13’648 | 37.1% |
| 55-59 | 3’942 | 8.8% |
| 50-54 | 2’817 | 5.7% |
| 45-49 | 1’922 | 4.2% |
| 40-44 | 1’637 | 3.3% |
| 35-39 | 1’114 | 2.2% |
| 30-34 | 1’150 | 2.2% |
| 25-29 | 1’297 | 2.7% |
| 20-24 | 1’050 | 2.7% |
| 18-19 | 298 | 2.2% |
| 12-17 | 215 | 0.5% |

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Aus dem Tableau kann een erausliesen dass den Appel zum zweeten Rappel besonnesch bei den eeleren Leit wouer geholl gouf.

Lëtzebuerg, den 27. Mäerz 2023

D'Gesondheetsministesch

(s.) Paulette Lenert